Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz :2024.61248.SECR Péiteng, den 24. Mee 2024

**Betreff: Är Froe vum 26. Abrëll 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Christophe Ferreira - Tel. : 50 12 51 – 3053)

Här Chris Bernard,

An ärem Bréif vum 25. Abrëll 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 26. Abrëll 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Et ass virgesinn, dat eis Maartplaz bei der Police erneiert sollt ginn.*
*Fir d'Maartplaz besteet scho haut e Parkingskonzept, wat iwwert Parkauere leeft.*

*Wann des Plaz a weider Parkingszonen an Zukunft nëmmen nach iwwert Parkauere ka stationéiert ginn, sollte mir eis net der Zukunft verschléissen an eise BiergerInnen, och hei eng digitaliséiert Optioun bidden, wat Beschaafung vun de Parkticketen ugeet. Eng ganz populair Application bitt héi enneranerem d'App"Indigo Neo". Aner Gemengen hunn eis dat scho virgemaach.*

*D' Flexibilitéit a Gestioun, souwuel bei de BiergerInnen wéi och bei eise Gemengenagente wuessen.*

*Am Prinzip geet eis Gemeng a Richtung "Digitaliséierung", dëst weist sech mat der néier City App, dem reduzéiertem Pabeierformat vum Gemengebuet, Livestreaming vum Gemengerot souwéi déi zukünfteg Zousazbeschëlderungen vu QR- Code bei eise sëllege Monumenter.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Kéint sech de Schäfferot virstellen, dat sech BiergerInnen an Zukunft hier Parkschéiner, digital ufroe kennen, eben iwwert des genannten App oder enger änlecher?*

*2. Wat wär d'Begrënnung, dat de Schäfferot sech géint eng Digitaliséierung vu den Parkaueren, déi iwwert eng Applikatioun leeft, misst ausschwätzen?*

*3. Huet den Schäfferot Kenntnisser iwwert d'Applikation Indigo Neo?*

*Mat Respekt,*
*Chris Bernard*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Bernard,

1. Schonn am Kader vum Projet vum Opstelle vun den neie Parkaueren si Gespréicher mat der concernéierter Firma gefouert gi fir esou e System an eiser Gemeng anzeféieren.

2. /

3. Jo de Schäfferot huet Kenntnisser iwwert dës Applikatioun.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118